



Claire Thill

Die Performerin, Schauspielerin, Autorin und Theatermacherin studierte Schauspiel an der Royal Central School of Speech and Drama in London, bei Philippe Gaulier in Paris und bei der SITI Company am Skidmore College in Saratoga Springs (USA). Ihre Arbeit besteht in multidisziplinären Liveinstallationen, Performances, Hör- und Theaterstücken.

1. Brauch eng Gesellschaft Kënschtler a Kënschtlerinnen?

Ob se et wëllen oder net, entwerfe Kënschtler*innen op hir ganz eegen Aart a Weis e Weltbild. Konscht ass ëmmer eng Approche, eng Reaktioun, eng Auseinandersetzung mat eiser Ëmwelt a mat eiser Gesellschaft. An duerfir kënnen d'Kënschtler*innen d'Aktualitéit op eng nei Weis beliichten an alternativ Perspektive schafen. Konscht bréngt Faarf an d'Gesellschaft.

2. Staatlech Ënnerstëtzung fir Kënschtler a Kënschtlerinnen ass ...

Absolut noutwendeg, well duerch d'Konscht och d'Attraktivitéit an d'Liewensqualität vun engem Land gefërdert ginn an dat huet natierlech och e grouse gesellschaftlechen, awer och e wirtschaftlechen Impakt, deen een net däerf negligéieren. Gutt Konscht stellt oft brenzeleg Froen, ass hirer Zäit viraus a soll net am Kommerz ënnergoen. Kënschtler*inne solle fräi sinn, ze schafen. Duerfir sinn och staatlech Subventiounen fir Konschtkreatiounen a Kënschtler*inne wichteg.

3. Konscht a Politik ...

Sou wéi d'Konscht vun der Gesellschaft leeft, sou leeft d'Gesellschaft och vun der Konscht. All Konscht ass duerfir politesch.



Association des Artistes Plasticiens du Luxembourg (AAPL)

Die AAPL wurde 2013 gegründet. Sie fördert den Dialog zwischen Künstlern und Künstlerinnen. Ihr Zweck ist es, die materiellen und moralischen Interessen sowie die sozialen Rechte seiner Mitglieder zu vertreten.

1. Brauch eng Gesellschaft Kënschtler a Kënschtlerinnen?

Eng Gesellschaft ouni Kënschtler*inne gouf et nach ni, d'Bedierfnes no Konscht ass deemno en elementare Besoin, deen op déi eng oder aner Aart a Weis gestalt gi muss.

2. Staatlech Ënnerstëtzung fir Kënschtler a Kënschtlerinnen ass ...

E positiven Engagement vun der Politik, déi schwéier finanziell an domat och sozial Situatioun vun de Kënschtler*innen net ze ignoréieren an domat sengem Land e gesonden an diverse Konschtbetrieb ze garantéieren.

3. Konscht a Politik ...

Kënnen vill vunenee léieren a mateneen um Opbau vun enger besserer Gesellschaft schaffen, müssen awer oppassen hir eegen Interessien net iwwer d'Wuel vun der Allgemengheet ze stellen.



Bernhard Baumgarten

Luxemburgischer Choreograf und künstlerischer Leiter. Er absolvierte seine Tanzausbildung in Nizza und später in Paris. Er verfolgte eine Karriere als Tänzer u. a. in Frankfurt und Berlin. Seit 2007 ist er künstlerischer Leiter des Centre de Création Chorégraphique Luxembourgeois - TROIS C-L, das in der Bananefabrik angesiedelt ist.

1. Brauch eng Gesellschaft Kënschtler a Kënschtlerinnen?

Natierlech, wat géife mer ouni Artiste maachen? Artiste proposéieren eis e Bild vun der Gesellschaft vu gëschter, vun haut a Visiounen vun enger méiglecher Gesellschaft vu muer. Vill Artisten engagéiere sech iwwert hir Konscht, fir eis Messagen zoukommen ze loossen an oft op ongerecht Situatiounen hinzewiesen, déi net ëmmer visibel sinn. Fir e Konschtwierk ze kreéieren, muss een d'Realitéit hannerfroen oder interpretéieren. Et muss ee sech mat engem Thema intensiv ausenanesetzen. Konscht proposéiert e Bléck op eng aner Realitéit vun eiser Gesellschaft. Domat ass Konscht eng Necessitéit. Eng Essenz vun der Realitéit vun eiser Gesellschaft.

An dann all déi kënschtlersch Beruffer, déi integréiert sinn an eisen Alldag, wéi z. B. Designer, Infografiker, Fotografen, Zeechner ... Ee Beispill ass d'Publicitéit: Wéi vill Konscht gëtt do gebraucht? D'Lëscht ass onendlech.

Huelt d'Konscht aus eisem Alldag eraus ... A wat bleift dann nach? E wäisst Blat an en trist Dasein. „L'art est un mensonge qui nous aide à saisir la vérité“, sot de Pablo Picasso.

2. Staatlech Ënnerstëtzung fir Kënschtler a Kënschtlerinnen ass ...

... absolut noutwendeg, fir dass Kënschtler sech voll op hir Wierker konzentréieren kënnen. Privat subventionéiert Konscht ka schnell zou enger Gefällegkeetskonscht ofrëtschen. Kënschtler mussen kënnen fräi bleiwen vun all Ofhängegkeet, soss riskéieren mer nëmmen nach eng kommerziell Konscht ze kréien, déi eis Gesellschaft net méi hannerfreet. Et gëtt dann och keng Entwécklung méi a mir bleiwen do stoen, wou mer sinn.

3. Konscht a Politik ...

Politik däerf sech net an d'Konscht améschen. Kënschtler sinn net do, fir der Politik ze déngen. D'Geschicht huet eis (an der Vergaangenheet an och nach haut) gewisen, dass Konscht manipuléiert gi kann, fir en anert Denken ze verbreedden, wat net ëmmer mat Fräiheet reimt. Dat däerf net passéieren, soss rutsche mer of an eng Gesellschaft, déi hir Fräiheet verléiert.

Foto: Martins Goldbergs (mit freundlicher Genehmigung von C'est Karma)



C'est Karma

19 Jahre alte Musikerin aus Luxemburg. In ihrer Musik beschäftigt sie sich oft mit Fragen rund um Feminismus und Klimawandel. Musikalische Vorbilder sind Björk, SOPHIE oder auch Charli XCX..

1. Brauch eng Gesellschaft Kënschtler a Kënschtlerinnen?

Jo! Konscht ka Saachen ausdrécken, déi een op soss keng aner Manéier ausdrécke kéint! Heiansdo kënnen Wierder d'Saachen net beschreiwen an da brauche mer Konscht, fir se bildlech oder musikalesch oder audiovisuell duerstellen. An engem politeschen Kontext ass Konscht virun allem wichteg, well jidderee Konscht konsuméiert a Konscht esou ee grouse politeschen Impakt kann hunn. A well se jiddereen an de politeschen Prozess mat abënnt, well jidderee konsuméiert Konscht, awer net jiddereen interesséiert sech fir Politik. Konscht bréngt d'Politik an d'Mëtt vun der Gesellschaft.

Konscht dréit awer och zum Wuelbefanne vun enger Gesellschaft bäi. Ob et d'Musek bei Feieren ass oder de Blockbuster am Kino, d'Konscht begleet eis am Alldag a gëtt eis och heiansdo d'Méiglechkeet, deem ze entkommen. Ouni Konscht wier e grousst Lach an der Gesellschaft.

2. Staatlech Ënnerstëtzung fir Kënschtler a Kënschtlerinnen ass ...

Wichtig! Als Kënschtler*in liewen ze kënnen ass net einfach, Konscht ass awer e wichtigen Deel vun der Kultur an dofir ass et och dem Staat seng Aufgab, Konschtschafender ze ënnerstëtzen.

3. Konscht a Politik ...

... gehéieren zesummen. Konscht kann op politeschen Mësstänn hiweisen a politeschen Themen op eng méi accessibel Aart a Weis ugoen. Konscht kann Dynamik an d'Politik bréngen a schwätzt vill Leit un, déi anescht villäicht kee politeschen Interessi hätten.



Théid Johans

Künstler, geboren am 10.06.1955 in Esch/Alzette.

1. Brauch eng Gesellschaft Kënschtler a Kënschtlerinnen?

Menge schonn ... ouni Konscht ass e grouse Vide an der Gesellschaft a Konscht ass e Moya fir Perséinlech ze schafen. Natierlech ginn et och Kënschtler, deenen et just em Verkaf geet. Déi hänke sech gär un allgemeng Trends drun a probéiere wa méiglech näischt ausser Schéinheet ze soen. Dat ass dann éischer Konschthandwierk.

2. Staatlech Ënnerstëtzung fir Kënschtler a Kënschtlerinnen ass ...

... néideg, wann de Kënschtler seng Konscht net als Wuer mécht an dee Moment vu Subside lieue muss. E Bäcker kritt jo och kee Subsid fir seng Bréidercher ze verkafen.

3. Konscht a Politik ...

Politik misst sech aus der Konscht eraushalen. Leider ass et esou, dass Politik iwwer Konschtentwicklungspläng de Pouvoir iwwert eng Konschtzeen behale wëll. Dee Moment sponsert se awer ganz gär Hypokrisie an Opportunismus a verhënnert d'Fräiheet vun der Kreativitéit. Et ginn Ausnamen: Oft entsteet en Hype em e Kënschtler, deen Kulturkoordinatoren sech uneegenen, ronderëm transportéieren an no enger Zäit fale loossen, well e neien Hype „entdeckt“ ginn ass oder sech clever obtruéiert huet. Selbstverständlech muss dee Kënschtler en intellektuelle Message erfannen. Mee fir dozou en décken Dossier ze maachen, dat léiert ee jo am Konschtstudium. D'Sensibilitéit muss awer ugebuer sinn. Mee eise System funktionéiert nun emol ouni Gefill. Do ass zerebral Onanie ugesot.



Trixi Weis

Trixi Weis, 1967 in Luxemburg geboren, studierte an der Cambre in Brüssel und an der Akademie der Schönen Künste in Prag. Sie ist seit den 1990er Jahren freischaffende Künstlerin, seit 1997 lebt und arbeitet sie in Luxemburg. Seit 2008 erhielt sie mehrere öffentliche Aufträge im Rahmen des Gesetzes zum aménagement artistique (1 %) in der Abgeordnetenkammer, beim Fonds d'aménagement du plateau de Kirchberg, im Lycée Nic Biever Dudelange und im Lycée technique de Lallange.

1. Brauch eng Gesellschaft Kënschtler a Kënschtlerinnen?

Natierlech brauch eng Gesellschaft Kënschtlerinnen a Kënschtler. Vun de Lascaux-Grotten, iwwert d'Ägypter, bis bei de Banksy gehéiert d'Konscht zu onser Geschicht an ass en Deel vun onser Bildung. D'Konscht existéiert ëmmer, se soll ënnerstëtzt ginn an an der Gesellschaft vermëttelt ginn, ier eng kënschtlech Intelligenz d'Konscht iwwerhëlt.

2. Staatlech Ënnerstëtzung fir Kënschtler a Kënschtlerinnen ass ...

Wichtig, well déi wéinegst Kënschtlerinnen a Kënschtler gi sou bekannt, dass se vun hirer Konscht lieue kënnen. Ënnerstëtzung ass näischt Neies. Vum Mëttelalter un, iwwert d'italienesch Renaissance bis haut, kruten d'Kënschtler oft duerch Mécénat vu Regenten oder Handelsleit gehollef. Haut ginn et wuel Fondatiounen, mee net genuch, well et ëmmer méi Kënschtlerinnen a Kënschtler gëtt. D'Sozialversicherung ass zu Lëtzebuerg esou héich, dass et fir vill Kënschtlerinnen a Kënschtler néideg ass vum Staat finanziell ënnerstëtzt ze ginn. Do läit iwwregens och d'Orignn vun der Kreatioun vum Kënschtlerstatut vun 1999. Dobäi kënn nach d'Problematik vu räsonele Wunnengs- an Atelierspräisser.

3. Konscht a Politik ...

Ausser eng puer dekorativ Konscht oder Plagiat vu vergaangener Konscht, huet e Konschtwierk ëmmer eng méi oder manner grouss politesch Ausso, souguer wann et autobiografesch ass. Well et a senger Zäit geschafft gëtt, vehiculéiert et den zäitgenëssesche Kontext, also och d'Politik, bewusst oder onbewusst, gezielt oder am wäitste Sënn. Wat d'kulturell Politik ugeet, ass Lëtzebuerg elo mam Kulturentwicklungsplang op engem gudde Wee. Déi representativ Associatiounen vun alle Konschtberäicher sinn invitéiert, fir matzeschaffen a matzeschwätzen. D'Kënschtlerinnen an d'Kënschtler hoffen op besser Aarbechtskonditiounen.